PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/05/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister weiderzeleeden.

Den Deontologieskodex, deen sech d'Regierung selwer operluecht huet, gesäit vir, dass all Minister eng Lëscht opstelle muss, aus där fir de Public ersiichtlech gëtt, ob ee Regierungsmember Interessekonflikter kéint hunn.

An der aktueller Wunnengskris ass bebaubare Buedem zu Gold ginn. D'Plus-Valuen, déi ee mat Investissementer an Immobilië ka maachen, sinn héich lukrativ. Momentan muss ee Regierungsmember awer net uginn, ob en, ausser sengem Wunnsëtz, weider Terrainen oder Immobilië besëtzt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Wier d'Regierung bereet, fir d'Deklaratioun aus dem Deontologieskodex op Immobilien an Terrainen z'erweideren, fir esou an der aktueller Immobiliëkris transparent mat Interessekonflikter ëmzegoen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député